



Dépôt: M. Ronald Mordiconi, le 28.06.2017

826 - Demande de pétition publique: An dëser Petitioun geet et drëm, dass Foyerkanner net gutt behandelt ginn.

Dépôt: M. Damien Almeida, le 29.06.2017

827 - Demande de pétition publique: Transport public gratuit pour les chômeurs

Dépôt: M. Pascal Wrisetz, le 05.07.2017

828 - Demande de pétition ordinaire: Politique tarifaire des établissements financiers

Dépôt: M. Nico Hoffmann, Président de l'ULC, le 05.07.2015

829 - Demande de pétition publique: Le Bitcoin comme 2^e monnaie légale au Luxembourg

Dépôt: M. Robert Bigdowski, le 07.07.2015

3. Ordre du jour

Zum Ordre du jour wollt ech lech Folgendes froen a folgend Propose maachen.

Wéinst Time-Management-Problemer vu verschiddene vun eise Ministere wollte mer lech Folgendes proposéieren: Haut ass de leschte Punkt de Projet de loi 7134. Dora geet et ëm de Lycée technique pour professions de santé an d'Logopedie. Dee steet momentan op der leschter Plaz. An ech wollt lech froen, ob Der d'accord sidd, fir deen op d'Plaz 3 eropzehuelen, dat heescht no de Modèle-de-basen.

(Assentiment)

Okay. Merci dofir.

Dann eng zweet Ännerung, déi ech wollt proposéieren: Den Donneschdeg de Mëtteg, do ass beim leschte Projet, deen de Centre socio-éducatif betrëfft, gefrot ginn, ob Der d'accord sidd, fir deen vun der leschter Plaz op d'Positioun 2 eropzehiewen.

(Assentiment)

Wonnerbar. Dann ass dat esou akteiert. An dann ännere mer den Ordre du jour esou ëm.

Mir hunn e ganze Koup flott a wichteg Projeten haut um Ordre du jour. Fir d'Éischt fänke mer u mat Technik. Mir hunn en éischte Projet, dee geet ëm de Merkur. Dat ass eng Konventioun vu Minamata a Japan, fir Merkurproblemer, wat jo eng héichgéfteg Substanz ass, ze regléieren. An ech géif dann direkt dem Rapporteur Henri Kox d'Wuert ginn.

4. 7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.- Merci, Madamm Presidentin. Jo, hei geet et ëm d'Konventioun vu Minamata, dat heescht a Japan. An et geet drëms, de Merkur, also de Quecksëlwer, besser an de Grëff ze kréien, fir och seng geféierlech Auswirkung op de Mënsch an op d'Ëmwelt ze reguléieren an am beschten och ze reduzéieren, soudass déi Auswirkungen net méi kënnen sinn.

Dir wësst, de Quecksëlwer gëtt nach a ganz villen industrielle Prozesser agesat an e kennt och deels duerch d'Verbrennung vu Kuel an d'Ëmwelt. Och fir all déi, déi haut e schéine Rank a Kette mat Gold unhunn: E gëtt leider och beim Goldschürfen agesat, wat a sech eng ganz geféierlech Auswirkung fir d'Ëmwelt huet.

D'Konventioun selwer seet als Objektiv, fir, éischstens, d'Gesondheet vun de Leit ze schützen an natierlech den Environnement, also d'Ëmwelt am Allgemengen, och ze schützen. Dofir gëtt probéiert, am ganzen Zyklus, wou de Quecksëlwer agesat gëtt, ze reduzéieren. Dat ass do, wou en aus dem Buedem kënnt respektiv do, wou en agesat gëtt an den industrielle Prozesser, respektiv do, wou en duerch natierlech Phenomeener entsteet, fir dat och an de Grëff ze kréien. Dofir ass déi Konventioun zustane komm. An et geet drëms, och en Zil ze setzen. En Zil, dat seet, 2020 méiglechst vill Produiten, d'Fabrikatioun, d'Importatioun an d'Exportatioun vun enger Rei vu Produiten, wou de Quecksëlwer mat dran ass, total ze verbidden.

Et ass och e Fong zur Verfügung gestallt gi vun der Europäescher Kommissioun, insbesondere fir ze kucken, dass an den ënnerentwéckelte Länner och déiselwecht Prozedur agesat gëtt, wéi dat och an den industrielle Länner de Fall ass.

De Projet gouf den 8. November 2016 deposéiert. De Statsrot huet säin Avis de 27. Juni ginn. D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hunn hir Avise ginn. Ech selwer gouf de 5. Juli 2017 hei vun der Kommissioun als Rapporteur bestëmmt, a gläichzäiteg hu

mer den Avis vum Statsrot aviséiert. An d'Kommissioun huet och hiren Aval dozou ginn. Dofir mengen ech, dass déi Konventioun jo just eng Artikelnummer huet.

An domadder bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci.

► Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, Présidente de séance.- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marco Schank.

Discussion générale

M. Marco Schank (CSV).- Madamm Presidentin, eise Merci un de Kolleeg Henri Kox fir de méndlechen a schrëftleche Rapport. De Minamata-Protokoll ass e Kompromëss. A wesentlech Beräicher vun där Konventioun, déi wierken och als esou een a sinn och a priori relativ wéineg ambitionéiert. D'ONGen hunn duerfir och schonn 2013, wéi dee Protokoll guttgeheescht ginn ass, kritiséiert, datt d'Konventioun dee globale Quecksëlwerusstouss kaum wäert erofsetzen an d'Affer vun der Minimata-Katastroph géifen entwurdegt ginn.

Déi gréisst Erausforderungen, dat ass ugeklongen am Rapport, si sécher d'Regiounen mat enger héijer Merkurbelaaschtung duerch Biergbau, wéi virun allem an Deeler vun Afrika, awer och a Latäinamerika. An hei ass eben eng Emissiounsreduktioun immens schwéier, well d'staatlech Kontrollméiglechkeeten ageschränkt sinn a berufflech Alternative fir Goldschürfer feelen.

Vill wäert dervun ofhänken, wéi zolidd deen entspreche Finanziéierungsmechanismus wäert geféelt sinn. Deemno wäert et sech eréischt no 2020 weisen, wéi effikass dann d'Konventioun wäert sinn.

Mat der Zäit ka sech dese Protokoll eiser Meinung no awer zu engem wirkungsvollen Instrument entwéckelen, fir d'Quecksëlweremissionen erofzesetzen. A fir d'EU huet et deemools och schonn, wéi ënnerschriwwen gouf, geheescht: „Dat ass fir eis eng wichteg Etappe-victoire“, mä fir en Erfolleg draus ze maachen, do muss awer, mengen ech, weider verhandelt ginn a weider dru geschaff ginn.

An duerfir och meng Fro un d'Madamm Minister, ob dee Prozess amgaangen ass, fir genau dat ze maachen, nämlech weider ze verhandelen an un enger Weiterentwécklung vun deem Protokoll ze schaffen.

Domat géif ech den Accord vun eiser Fraktioun zu deemem Projet ginn.

Merci.

► Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, Présidente de séance.- Merci dem Här Schank. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roger Negri.

M. Roger Negri (LSAP).- Jo, villmools Merci, Madamm Presidentin. An och Merci un de Rapporteur, den Henri Kox, fir säi gudde Rapport. A mir ginn domadder och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

Mme Simone Beissel, Présidente de séance.- Merci dem Här Negri. Dann hunn ech den Här Max Hahn ageschriwwen.

M. Max Hahn (DP).- Jo, ech géif dat selwecht maache wéi de Kolleeg Roger Negri. Ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde schrëftlechen a méndleche Rapport. An ech ginn dann heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Mme Simone Beissel, Présidente de séance.- Merci dem Här Hahn. Wann ech elo richtig informéiert sinn, huet keen anere sech ageschriwwen zu deem Projet.

Ass dat esou?

(Assentiment)

Gutt! Merci.

Da géif ech direkt der Madamm Carole Dieschbourg als Ëmweltministerin d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.- Ech soen natierlech och dem Henri Kox e grouse Merci fir de Rapport an och dem Marco Schank fir déi Bemerkungen, déi gemaach goufen, well in der Tat ass et wichteg, dass mer dat elo maachen, well et gëtt och elo weider geschafft. Et ass virgesinn, dass, wa mech net alles iert, am September eng COP ass an elo genau un där Ëmsetzung do geschafft gëtt.

An ech ginn lech ganz recht: Et ass e wichtige Schrëtt, a fir mech och en immens wichteg Zeechen, dass Lëtzebuerg dat elo genau zu deemem Zäitpunkt och mécht, fir dass mer och

prett sinn an als Partie zumindest schonn emol um Pabeier derbäi sinn.

Ech soen lech Merci.

Mme Simone Beissel, Présidente de séance.- Merci der Madamm Minister. Da sinn d'Diskussionen domat ofgeschloss a mir kënnen direkt mat der Ofstëmmung ufänken.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7089

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann duerno d'Procuratiounen.

Mir hunn e wonnerbart Resultat: 60 Stëmme fir dese Projet 7089. Ech soen lech villmools Merci.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agno, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Angel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Losché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da kënnen mer direkt schonn zu deem zweete Projet kommen, deen och technescher Natur ass, och ganz wichteg. Do geet et ëm d'Établissements classés an iwwer d'industriell Emissionen. An ech ginn erëm eng Kéier direkt dem Rapporteur Henri Kox d'Wuert.

5. 7090 - Projet de loi 1. modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés, 2. modifiant la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.- Merci, Madamm Presidentin. Effektiv geet et hei ëm d'Emissionen vun industrielle Produkter. Dofir muss d'Gesetz geännert ginn, well mer keng ganz korrekt Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2010/75/UE haten, well e puer Remarqué komm sinn.

Et geet u sech bei den Émissions industrielles oder bei dëser Prozedur ëm déi europäesch Kommodosgesetzgebung. Wat heescht europäesch Kommodosgesetzgebung? Mir hunn eng Rei Betriber, déi am europäesche Benchmarking sinn, also déi verglach gi mat den europäesche Betriber. Wéi eng sinn dat? Dat kann ee vläicht eng Kéier kucken. Dat ass eng Arcelor natierlech, dat ass Cimalux, dat ass Hydro Aluminium. Dat sinn u sech déi ganz grouss Betriber, déi awer och mat Emissionen verbundene sinn. Dat ass also eng Guardian.

Dat sinn awer och grouss landwirtschaftlech Produktiounen, wou eng grouss Déierenunzel sinn; kommt, ech soen elo emol iwwer 2.000 Schwäin. Déi hunn och Emissionen. An déi ënnerstinn net nëmmen der Lëtzebuenger Kommodosprozedur, mä och der europäescher Kommodosprozedur. An des Direktiv gouf ëmgesat an engem éischte Gesetz vum 9. Mee 2014. A mir hunn awer och dervu profitéiert: Duerch d'Omnibusgesetz hu mer déi Lëtzebuenger Kommodosprozedur jo och e bësse vereinfacht. An dëst Gesetz erlaabt eis, elo souwuel déi Gesetzgebung ze ännere wéi och d'Gesetzgebung vun den Émissions industrielles.

D'Objektiv ass natierlech och ganz kloer vun deem Gesetz: Och déi eenzel Industriebetriber an engem Schema, an enger Trajectoire ze hunn, fir hir Ausstéiss esou gutt wéi méiglech an de Grëff ze kréien.

Ech wëll kuerz op den Avis vum Statsrot nach agoen. Am éischten Avis vum Statsrot hate se u sech keng grousswäerteg Remarquen, keng Oppositionen formelles. En huet u sech just eppes monéiert, well mer mat dëser Ännerung vun deem Gesetz och de Recours erabréngen,

well wann en industrielle Betrib jo kontrolléiert gëtt, ass am Ënnerscheed zu der Lëtzebuenger Prozedur déi europäesch Prozedur enger Evaluatioun ënnersat.

Dat heescht, e Rapport muss geschriwwen gi fir d'Europäesch Kommissioun. An natierlech, wann e Rapport geschriwwen gëtt, wa Sanktiounen kënnen kommen, da muss jiddwer eenzelne Betrib och kënnen dergéint ugoen. An de Statsrot huet awer gemengt, dass de Recours innerhalb vun dräi Méint soll kënnen gemaach ginn. Mir hunn awer an all de Lëtzebuenger Gesetzgebungen just 40 Deeg. An d'Kommissioun huet awer festgehalten, dass mer bei deene 40 Deeg solle bleiwen. Dat war keng Opposition formelle, dat war eng Suggestioun vum Statsrot. Mir hunn et awer och dobäi be-looss, soudass déi 40 Deeg do schlussendlech an d'Gesetz agefloss sinn.

Mir haten awer eng Navette gemaach. Dat heescht, mir hunn nach eng Kéier Amendementer eraginn, well just dee Moment d'Omnibusgesetz geännert gouf. An dat hu mer dann och integréiert, nämlech déi nei Klassifikatioun vun der Lëtzebuenger Kommodosgesetzgebung. An deem Avis ass dat natierlech vum Statsrot och ganz positiv aviséiert ginn, soudass op deem Punkt dann och keng Remarqué méi komm sinn.

Vläicht zu den techneschen Donnéeën oder zu den Datumen. Den 9. November 2016 gouf dëst Gesetz deposéiert. Dem Statsrot säin éischten Avis war vum 9. Mee. D'Chambres de Commerce an des Métiers hunn hir Avisen och ginn. Ech selwer gouf de 17. Mee 2017 nominéiert, fir dese Rapport ze maachen. An de Statsrot hat de complémentaires Avis de 27. Juni ginn. De 5. Juli gouf dese Rapport eestëm-meg an der Kommissioun uegeholl.

An domadder sinn ech fäerdege mat der Explikatioun zu dëser Ännerung vun engem wichtige Gesetz, nämlech den industriellen Emissionen. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, Présidente de séance.- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, fir d'Éischt emol dem Henri Kox e grouse Merci fir de Rapport, méndlech a schrëftlech. Ech géif net erausgoen, wann ech net dräi kleng Froen hätt un d'Madamm Ministesch.

Am Artikel 1, do gëtt geschwat iwwert déi „best available technologies“, also dat Bescht, wat mer kënnen asetzen. Ech hu mech gefrot gehat, a bestëmmt muncheree freet sech, deen no bei esou enger Firma wunnt: Huet deen eenzelne Matbiereger e Recht ze kucken, ob déi Firma da wierklech dat Bescht asetzt? Well ech soen an der Mathematik gëtt et dat Wuert „onendlech“. Onendlech plus eent ass erëm eng Kéier onendlech.

Wann also een noweist, dass eng Besserung um Marché ass, wéi kënnen sech déi eenzel Firmen dergéint schützen, oder mussen se no-rëschten, well et elo gefrot gëtt?

Déi zweet Fro, déi ech mer gestallt hunn an och meng Fraktioun, dat ass sécher emol mat deem ganzen Zesammenhang vun deem Rapport, dee mer gëschter Owend héieren haten iwwer eng Firma, déi hei Pollutioun gemaach huet. Am Artikel 5 (10) gëtt jo gesot: All Entreprise muss derfir suergen, wa se ophält, dass hire Site keng Contaminationen op Buedem, Loft a Waasser mécht. Ergo muss een och oppassen, wat déi Firma mécht.

Dofir ass meng Fro déi: Kënnen mir mat deem Gesetz hei déi Firmen an d'Bringschuld bréngen, déi Dreck gemaach hunn? A wie bezilt dat? Et ka jo net sinn, wéi deemools bei der Goudronfabrik, dass déi ganz e Kraaftakt gemaach huet a bezuelt huet. Ech mengen awer, et wär un der Firma virzesuergen, dass, wann eng Kéier e Problem kënnt, dass si dat muss selwer finanzéieren.

Déi lescht Fro ass e bësse méi heikel. Dat ass den Artikel 21. Do gëtt geschriwwen iwwert déi sougenannten H- an R-Wärter. Or, wann een emol op Google nosiche geet, wat dann déi H-Wärter sinn an och déi R-Wärter: Dat sinn immens geféierlech Substanzen. Et gëtt geschwat vun: kriebserreegend, Schied un der Genetik, Ëmweltschied, Biodiversitéit.